

adr- de Pefferkär

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI


Burka an Nikab gehéieren net op Lëtzebuerg!

D'Vollverschleierung vu Fraen, op Nikab oder Burka, huet näischt zu Lëtzebuerg ze sichen. Burka an Nikab hunn näischt mat Reliounsfräiheet ze dinn. Dës Kleederveruordnung ass net vum Islam virgeschriwwen, si gëtt mëssbraucht vu Männer, déi wëllen den Islam besonnesch streng ausleeën. **Eis Gesellschaft dierf net virun esou Fanatiker kapituléieren!** Mir wëllen zu Lëtzebuerg an enger oppener Gesellschaft zesummeliewen. Mir wëllen een deem aneren an d'Gesicht kucken. Mir brauchen hei keng Fraen, déi wéi Bréifkëschten ausgesinn, a mir wëllen eis och un dësen Ubléck net gewinnen. Zweek vum eisen Nopeschlänner, Frankräich an d'Belsch, hunn de Verbuet vun der Vollverschleierung agefouert. Mat der Begrënnung, datt d'Regele vum Zesummeliewen e legitimt Ziel vun engem Staat sinn, fir

d'Vollverschleierung ze verbidden, huet de Gerichtshaff vu Stroossbuerg dës Gesetzer gutt geheescht. Kuerz no dësem Urteel vu Stroossbuerg huet

d'ADR, de 16. Juli 2014, e Gesetzvirschlag an der Chamber deponéiert fir d'Vollverschleierung och zu Lëtzebuerg ze verbidden. Dës Proposition

huet näischt mat der Flüchtlingskris ze dinn, déi Mëtt 2014 nach net akut war. De Verbuet vun der Vollverschleierung kann d'Regierung net aus Feigheet oder Onfähigkeit de Gemengen opdrécken. Et kann och net d'Aufgab vun den Agents municipaux sinn, fir dëse Verbuet duerchzusetzen, wéi d'Regierung dat virschléit! D'ADR ass frou, datt d'CSV mat Verspéidung och de Verbuet vu Nikab a Burka entdeckt huet. Dofir hätt déi dichteg CSV awer net missen vun der ADR ofschreiwen. Geeschteg Aarmut, schlechte Stil a Populismus pur! D'Proposition vun der ADR ass vum Staatsrot aviséiert a kann also am Plenum vun der Chamber ofgestëmmt ginn. Dëst muss esou séier wéi méiglech geschéien: Da musse all Deputéiert eenzel hir Verantwortung fir d'Zesummeliewen zu Lëtzebuerg iwwerhuelen.



Ouni Lëtzebuenger Sprooch kee Pass!

Nodeem Gambia beim Referendum den Dicks gericht krut, probéiert se den Ausländer d'Walrecht ze ginn andeems se d'Nationalitéit bradéiert. D'ADR heescht jiddwereen, dee Lëtzebuenger wëll ginn, wëllkomm! De Wonsch, Lëtzebuenger ze ginn, muss awer un d'Integratioun gekoppelt sinn: an do steet d'Lëtzebuenger Sprooch am Mëttelpunkt. Am éischte Worf fir d'neit Nationalitéitgesetz huet de grénge Justizminister iwwert 20 Weeër opgemaach fir Lëtzebuenger ze ginn. Déi mannsden dovunner gesinn e Sproochentest vir. Wann den Test dann awer muss gemaach ginn, dann op engem méi niddregem Niveau wéi haut. **Fir d'ADR steet fest: Jiddwereen, dee wëllt Lëtzebuenger ginn, muss Lëtzebuergesch schwätzen.** An zwar op d'mannst op deem Ni-

veau, deem haut am Gesetz steet. Wann d'Konditioun vun der Sprooch erfüllt ass, ass d'ADR averstanen, datt ee schonns no 5 Joer ka Lëtzebuenger ginn a no 3 Joer, wann een e Lëtzebuenger bestit. Och Kanner, déi hei gebuer sinn an hir Schoulen hei gemaach hunn, solle vun 12 Joer un d'äerf Lëtzebuenger ginn. De „Lëtzebuenger Pass“ dierf awer keng Belounung sinn, well een eng Rei Joeren hei gewinnt an/oder geschafft huet. Dëst nom Motto vun den administrative Sproochen: wer hat noch nicht, qui veut une fois... D'ADR seet: D'Lëtzebuenger Nationalitéit ass d'Unerkennung, datt d'Integratioun gewollt a réusséiert ass. Lëtzebuenger ka ginn, wien eis Sprooch schwätzt an eis Gesetzer a Gebräicher respektéiert. An deem dierf och matwien.

Flüchtlingen: en éierlechen Dialog w.e.g!

Krich an Nout driewen honnertdau-sende vu Migranten iwwert d'Mier. Lëtzebuerg muss Leit ophuelen, déi doheem fir hiert Liewe fäerten. D'ADR ass frou iwwer déi vill Lëtzebuenger, déi hëllef. Eis Regierung huet awer d'Flicht, national an europäesch Gesetzer ze respektéieren. Wann eng däitsch Kanzlerin oder eng lëtzebuergesch Ministesch an der Kriseregion d'Wëllkommkultur propagéiert, da maache mer eis Dieren ze grouss op. Da kënt d'Fro: „Schaffen wir das?“. Bei massivem Undrang vu Leit aus Krichsgebitter gesäit d'Gesetz eng temporär Protectioun vir, esou laang se doheem a Gefor sinn. Eis Regierung wëllt dës Optioun net nutzen. Si hëlt léiwer dës Leit an d'Flüchtlingsprozedur op, déi no der Genfer Konventioun fir Leit virgesinn ass, déi perséinlech verfollegt ginn. Migranten aus Syrien kréie qua-

si automatesch de Statut vum Réfugié. Vill bleiwe fir ëmmer hei. **D'ADR verlaangt eng kontrolléiert a verantwortlech Migratiounspolitik mat strenge Kritären.** Wie Bedenken zur Flüchtlingspolitik huet, gëtt zevill séier an de rietextremen Eck gedréckt. D'ADR verlaangt en éierlechen Dialog. Dem Bierger seng Suergen an Ängscht mussen eescht geholl ginn! Wéi huele mer d'Flüchtlingskanner an de Schoulen op? Wou kommen d'Flüchtlingen no de provisoresche Strukturen ënner? Elo scho si kaum Wunnengen zu moderate Präisser ze fannen? Wou sollen d'Réfugié schaffe goen, wéi ass et mat hiren Diplomer? Wéi esou vill Leit aus enger friemer Kultur integrieren? Éierlech Äntwerten sinn néideg, fir datt d'Bereitschaft Flüchtlingen dauerhaft opzehuelen bestoe bleibt an um Schluss d'Integratioun geléngt.

----- ausschneiden an un d'ADR, 22, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken -----

Eise Standpunkt gefällt Iech?
Gidd Member an der ADR, a frot Äer Familljemembren a Frënn, fir Member ze ginn.
Joresbeitrag: 14 €, fir e Stot 20 € a fir Schüler a Studenten 5 €

Numm, Virnumm:

Adress:

Telefon:

Email:

**ADR-Infoversammlungen:
Schwätzt mat eis!**

Méindes, 7.12., um 20 Auer: Ettelbréck, Däichhal.

Dënschdes, 8. 12., um 20 Auer: Heesdrëf (Hamiville), Veräinshaus.

Mëttwoch, 9. 12., um 20 Auer: Réiden, Zärenhaus.

Mëttwoch, 9. 12., um 19.30 Auer: Mäertert, Restaurant Joël Schaeffer.

Donneschdeg, 10. 12., um 19.30 Auer: Klengbetten, Restaurant „De Bräiläffel“ (11, rue de la Gare)

Mëttwoch, de 16. 12., um 19.30 Auer: Hesper, Brasserie du Château (424, route de Thionville)

Burka, Migratiounskris, Nationalitéit, Steierreform, Famill, Déireschutz ..., mir si fir Iech do!